

[\(https://wort.lu/de/mywort/\)](https://wort.lu/de/mywort/)

## E schéine Geste vun der Maison Relais Préizerdaul- 34 000 Euro gespend

[Charles Reiser \(https://wort.lu/de/mywort/author/5335915a7103007103ecb8d3\)](https://wort.lu/de/mywort/author/5335915a7103007103ecb8d3)



Veröffentlicht am Donnerstag, 8. Juni 2023 um 12:11

[Préizerdaul, Luxemburg \(https://maps.google.com/?q=Pr%C3%A9izerdaul,+Luxemburg&ftid=ox47eaabec7a676b3:ox400d1d6d1057300\)](https://maps.google.com/?q=Pr%C3%A9izerdaul,+Luxemburg&ftid=ox47eaabec7a676b3:ox400d1d6d1057300)

### 34 000 Euro fir d' Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn gespend

**Préizerdaul:** Eng Iddi hun an déi an Realitéit ëmzesetzen. Mat dem Gedanken huet d'Arlette Hoffmann aus der Maison Relais Préizerdaul dest Joer e grouse Projet lancéiert, fir mat verschiddenen Manifestationen an Aktivitéiten, Geld fir e gudden Zweck ze sammeln. Gestart gouf mam Chrëschtmaart, den e groussen Erfolleg kann huet an och 1 500 Euro erabruucht huet. Duerno gouf vu Januar bis Enn Februar Kuch a Schocki an der Paus am Schoulhaff verkaaft. Ouschterdag sin ronn 50 Dozen Eeër, schéin mat Speck poléiert un d'Leit verkaaft gin. Am Laaf vum Joer huet den Theaterveräin, Dauler Schimmelkëscht mit engem generéisen Don vun 3 000 Euro de Projet ënnerstëtzt. Um bekannten Ouschtermaart hun di selwer gebastelt a gemolt Saachen e groussen Succès kann. D'Glécksrade wat Bonneviale Projects dat fir diesen Dag vun hinnen geléint gin ass, huet och en dëcke Batz erabruucht. Och di vill Fournisseuren vun der Gemeng déi ugeschriwwen si ginn, hun sech nit huele geloos an de Kont mat hiren generéisen Don'en och gut geféllt. Reka Print huet e klengt Buch gesponsert, wat duerch Fotoen an Assistenz Hénn bei senger Arbecht an der Schoul weist, wat mat Biller déi Kanner aus dem Cycle 2.2 gemolt hunn, verschéinert gouf. Dat Alles niewt der Organisatioun vum Duerffest „Préizerdaul am Muppeféiwër“, mat villen flotten Attraktiounen a wou och eng ganz Reih vu Léit, fräiwëllig gehollef hun. Onerwaart koum nach eng Stee vun engem Wonnerschéinen „Munoz Art“ – Bild dobäi. Musikalisch huet de Mike Poiré den Owend verschéinert an esou war et mat der Präsenz vun villen ASA-Muppen an hire Meeschteren e gelongen Owend. Zum Schluss koum och nach de Schoulsport- Dag, bei dem Kanner aus der Préizerdauler Primärschoul fir de gudden Zweck gelaaf sin. No den ville Mercien vum Arlette Hoffmann un all Leit déi bei deem Projet gutt gehollef hun, sowi och der Gemeng Préizerdaul fir hir ënnerstëtzung, koum et dunn während enger klenger Feierstonn zur Scheckiwerréechung un die Verantwortlich vun der Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn, déi sech iwert de Scheck vun 34 000 Euro verbonnen mat engem grouse Merci gefreet hun. Mat deser Spend können gläich zwéin Muppen bezuelt gin. E Mupp geet am Hierscht un den Ltpes op Miersch wou den Här Klaudio Persuric am Virfeld schon seng Freed ausgedrückt huet fir de Mupp können an Empfang ze huelen. Den zweete Mupp gëet fir e Kand mat enger Behënnerung bezuelt, fir him d'Liewen méi einfach ze machen. (CR ) (Foto: Charles Reiser)